N°256
Entrée le 08.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntfert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vun der Madame Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n° 256 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Amendes routières reçues en Grande-Bretagne"**

**Fro 1**

Lëtzebuerg gehéiert och zu de Länner wou Bierger Protokoller vun der Gesellschaft « Transport for London » geschéckt krute. De Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an d'Police goufen am August 2023 vun zwee betraffe Bierger kontaktéiert. Dës waren zu London an d'«Low Emission Zone » gefuer, ouni hiren Auto am Virfeld ugemellt ze hunn. Spéiderhi gouf hinnen ee Protokoll dowéinst op Lëtzebuerg nogeschéckt.

Et huet sech awer erausgestallt datt hir Donnéeë an dësem Zäitraum wou d'Infraktioune solle stattfonnt hu vun den italieeneschen Autoritéiten duerch den EUCARIS (EUropean CAR and driving licence Information System) ugefrot gi ware. Dëst wéinst engem angeblechen Iwwerschreide vun der maximal erlaabter Vitess an Italien. Laut de betraffene Bierger wieren d'Gefierer zu deem Zäitpunkt net an Italie gefuer. Do dernieft sief bemierkt datt den Austausch vun Donnéeë vun der Infraktioun, déi tatsächlech an England constatéiert gouf, net an de Kader vun der Direktiv (UE) 2015/413 vum 11te Mäerz 2015 iwwert de grenziwwerschreidenden Austausch vun Infraktioune betreffend d'Stroossesécherheet fält. Zousätzlech dozou hunn déi englesch Autoritéiten nom Austrëtt vu Groussbritannien aus der EU keng Berechtegung méi fir iwwert den EUCARIS Donnéeën unzefroen.

Doropshin huet de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten den italieeneschen Transportminister eng éischte Kéier Ufank September 2023 ugeschriwwe fir op dës Faiten hinzeweisen, eng Positioun dozou ze huelen an alles Méigleches an d'Weeër ze leede fir all potentiell net konform Utilisatioun vun de perséinlech Donnéeën ze verhënneren. Well dëse Courrier onbeäntwert bliwwen ass, ass Enn Oktober 2023 en zweete Courrier un den italieeneschen Transportminister adresséiert ginn, deen awer bis elo nach net op ons zeréck komm ass.

D'Lëtzebuerger Police huet kee Mëttel ze wëssen wéivill Geld säitens TfL respektiv EPC bei Lëtzebuerger Residenten erageholl gouf. Déi Demarche lafen net iwwert d'Police grand-ducale mee um direkte Wee, soudass d'Autoritéite vum Land, an deem d'Verkéiersinfraktioun begaange ginn ass, de Bréif mat der Geldstrof direkt per Post un de Proprietäre vum Auto schécken.

**Fro 2**

D'Police grand-ducale huet keng Demande kritt fir Protokoller vun *Euro Parking* aus England u Lëtzebuerger Residentë weiderzeleeden. Duerch den EUCARIS Réseau huet d'Police Kenntnis dovun, dass Informatioune vum EUCARIS-System illegal weider gi sinn. Dës Informatioune goufe vun den Informatiker vun der Police iwwerpréift an un déi intern Dateschutzbeoptraagt souwéi un de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weidergeleet.

**Fro 3**

Den EUCARIS ass e System deen et de Länner erlaabt am Kader vun der uewe genannter Direktiv (UE) 2015/413 Donnéeën zu Gefierer a Führerschäiner auszetauschen. Den EUCARIS ass keng Datebank, mee en Austausch-Mechanismus dee vollkommen automatiséiert funktionéiert. Wann also eng Demande vun enger rechtméisseger Autoritéit gemaach gëtt, gëtt d'Äntwert automatesch generéiert ouni dat en Aarbechter oder eng Aarbechterin déi muss validéieren. Ausserdeem, a wéi uewen erkläert, geet aus den aktuellen Informatiounen eraus dat déi englesch Firma déi Informatioune vun enger rechtméisseger Autoritéit weidergeleet krut, well si jo, wéi uewen erkläert, zënter dem Brexit keen Zougang op den EUCARIS méi hunn an och soss keng weider bilateral Konventioun besteet. Aus dësem Grond ka keng Nott un d' Aarbechter an Aarbechterinne goen, déi Accès op den EUCARIS System hunn an et kann een och net verweigeren d'Informatiounen ze schécken, well dëst fir real begaangen Infraktiounen eng Obligatioun no der Direktive (UE) 2015/413 ass.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2024
Den Inneminister
(s.) Leon Gloden